N°7719
Entrée le 07.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.03.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

De Centre socio-éducatif de l'État (CSEE), deen sech ëm Jugendlecher këmmert, déi dacks mam Gesetz a Konflikt geroden, verdeelt sech mëttlerweil op dräi Sitten am Land. Engersäits ass gewosst, datt dës Strukturen iwwerfëllt sinn an um Limitt schaffen.


Doriwwer eraus wier - eisen Informatiounen no - d'Situatioun an der UNISEC katastrophal, vill Jugendlecher géinge maachen, wat se wëllen an dat quasi ouni Konsequenzen. Donieft heescht et, datt der Police an der Justiz d'Hänn gebonne wieren.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Justizministesch gär folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Prozent vun de Jugendlechen, déi an de Strukture vum CSEE ënnerbruecht sinn, si bis dato nach net mam Gesetz a Konflikt geroden?
2. An engem Zeitungsartikel heescht et, den Direkter vun der CSEE hätt sech esou geäussert, datt mat Bléck op d'Nationalitéite vun de Jonken an de Strukturen d'Verdeelung esou wier, wéi an der Gesellschaft. Eisen Informatiounen no stëmmt dat net. Kann d'Madamm Minister mir soen, wéi eng Nationalitéiten - an och opgeschlësselt no dem jeeweilege Prozentsaz vun deenen eenzelen Nationalitéiten - an deene Strukture vertruede sinn?
3. Wéi dacks gouf d'Police am Joer 2022 op Dräibuer an d'Strukture vum CSEE, souwéi an d'Strukture vun der UNISEC geruff? Wat waren - opgeschlësselt no de jeeweilegen Asätz - d'Grënn, firwat d'Police geruff gouf?
4. Wéi dacks gouf d'Police vum 01.01.2023 bis elo op Dräibuer an d'Strukture vum CSEE, souwéi an d'Strukture vun der UNISEC geruff? Wat waren - opgeschlësselt no de jeeweilegen Asätz - d'Grënn, firwat d'Police geruff gouf?
5. Wéi dacks goufe Policebeamten zënter dem Ufank vun 2022 bis elo vu Jugendlechen an de Strukture vun der Unisec a vum CSEE ugegraff?

6. Laut eisen Informatioune géingen an der UNISEC Drogen zirkuléieren. Wéi dacks sinn am Joer 2022 Droge konfiskéiert oder saiséiert ginn? Wéi dacks si säit 2023 Droge konfiskéiert oder saiséiert ginn?
7. Am Hibléck op déi - eisen Informatiounen no - katastrophal Situatioun an der UNISEC: Wéi eng Verbesserungen envisagéiert d'Madamm Ministesch?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten